Association des anciens combattants, des
soldats de la guerre du corée et des soldats de la paix luxembourgeois
„ sous le Haut Patronage de Son Altesse Royale le Grand-Duc “

**Compte Rendu**
**Generalversammlung**
**25.Abrël 2026**

**Um 11:00 hun sech ca 20 Invitéen a Memberen an eisem Sall am Rollengergronn versammelt.**
**Den Präsident Kintziger Thierry huet tGeneralversammlung opgemeet.**
**No der Begréissung hun mer an enger Gedenkminutt un all eis Verstuewen Memberen an Frënn geduecht.**
**Entschellegt fir tVersammlung hun sech de Premierminister,Défenseministesch,den Chamberpräsident, den Generol vun der Arméi wei och den Adj de Corps.**
**Entschellegt sin och tComitésmember Dalvecchio,Poorters an Ortolani.**
**Entschellegt sin och aaner Memberen a Frënn dei daat esou matgedeelt hun.**
**Duerno huet den Vize Präsident Tollardo Mike den Rapport dActivité virgedroen.**
**Den Kessier Crelo Claude huet de Keesebericht gemeet deen och als Korrekt befonnt gin ass vun de Keeserevisoren dei leider net Präsent woren awer hun tDecharge schreftlech eragereecht hun.**
**Och sie maachen weiderhin dei Arbecht.**
**Den Vizepräsident huet dunn erklärt virwaat elo no 6 Méint erem eng AG ass an dasse mer esou dei nei Regelung Applizeieren an och esou mat der Zäit vun der AG an deenen 4 eischten Méint vum Joër stattfanne soll richteg leien fir Zukunft.**
**Den Member Schaack Marco huet seng Demande gemeet fir an de Comité.**
**tAG huet deem zougestemmt sn esou huet de Präsident de Marco an tReihen vum Comité beruff.**
**All tComitésmemberen hun hir erneierung vum Mandat eragereescht dei och guddgeheescht gouffen.**
**Et stinn nach e puer Comitéintern arbeschten um Programm an Saachen Posten an Statutten dei vum Comité an nexter Zäit gereegelt gin.**
**Den Präsident huet e puer Informatiounen a punkto Veteran gin waat duerch Krankheet vum Offizeier deen sech em den Dossier bekemmert wei em de Changement am Etat Major elo an tlängt zitt.**
**2027 solle mer wei tArméi eis daat matgedeelt huet als Veteran op Nationalfeierdaag am Défile derbäi sin.**
**Et bleiwen nach e puer Saachen ze klären a punkto Uniformitéit asw daat mer awer bis dohinner bewältegt kreien missten.**
**Den 8.Mee deen dest Joer Ausnahmsweis den 9.Mee stattfennt fällt mei kleng aus.**
**Awer tAssociatioun leet bei der Gëlle Fra eng Gerbe nidder och wann tArméi eis e Refus gin huet well se deen Daag schonns eppes anescht hun an och an Zukunft nemmen nach eng oder zwou Commémoratiounen am Joer begleede wellen.**
**Och well tAssociatioun e puer Aktivitéite fir tMembere starten wei en Motorradstour Grillen Daages an Nuetsmarsch wei natierlesch och weiderhin de leschte Freideg vum Moint eis Kantin opmaachen.**
**Dem Adj de Corps Meyer Marc wenschen mer eng schéin Pensioun a soen him merci fir säin Wierken an der Arméi.**
**Sengem Nofolger dem Adj de Corps Sinnes Jerôme wenschen mer eng gudd Hand bei dee Nofolleg.**
**An der fräier Aussprooch ass den fréieren AdjMaj Frantz Patrick op seng Iddien fir de Rassemblement agaangen fir all tAnciens erem zesummen ze brengen an huet tIddi 2027 fir 60 Joër Fräiwellegenarméi tIddi opgeworf do an der Garnisounsstaad Dikkrech och erem esou en Rassemblemrnt ze Organiseieren.**
**Mat der AACSPL zesummen wier daat secher eng gudd saach dei mer am Aen haalen.**
**Den Präsident huet tAG duerno geschloss sn an der Kantin op e Patt inviteiert.**

AACSPL a.s.b.l Siège social: 5, Ave de la Faïencerie L-1510 Luxembourg Courriel: aacspl.info@gmail.com
N° Reg.: F-5924 Adresse Postale: 111, rue Rollingergrund L-2440 Luxembourg Gsm: 621 356 998
CCPL: LU61 1111 0236 2655 0000 ou BCEE: LU18 0019 7155 2091 8000